St. Willibrord Äischdall-Helpert

Parbréif

fir d'Par

Äischdall-Helpert

St. Willibrord

Wochen vum 1. November bis den 20. Dezember 2026

N° 6/26 – Jg 10



Person sitzt allein auf einer Bank im herbstlichen Park am See.



LIU·JO
GUESS
LA MARTINA
TRUSSARDI
AERONAUTICA MILITARE
FRED PERRY
LACOSTE
MEPHISTO
Timberland
NeroGiardini
GEOX
TED BAKER
LONDON
MICHAEL KORS

www.maxpoint.lu

- 13 Rue d'Arlon L-8399 Windhof
- Tél : 39 93 61

- Nonnemillen Center
- 121 Route de Luxembourg L-6562 Echternach
- Tél : 26 72 08 90



bratex.lu

St. Willibrord Äischdall-Helpert

Pastoralekipp
Equipe pastorale

Parzenter – Centre paroissial

61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

☎ 20 80 02 60 **aischdall-helpert@cathol.lu**

Permanence: freides vu 14 bis 17 Auer

Bürostonnen: Per Telefon ass de Büro d'ganz Woch iwwer ze erreechen.
(oder am beschten iwwer Email oder op Rendez-Vous)

Abbé **Joël Santer**, Paschtouer	☎ 26610403	joel.santer@cathol.lu
Abbé **Jos Halsdorf**, Diakon	☎ 20800260	jos.halsdorf@cathol.lu
Abbé **Patrick Schmit,** Diakon	☎ 621413834	patrick.schmit@cathol.lu

Telefon am Noutfall: ☎ 621966429
z.B. bei engem Stierwfall, baussent de Bürostonnen.

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:
4. Dezember 2026 um 12 Auer!

De Parbréif 6/26 gët an enger Oploo vun 700 Stéck gedréckt
(verwendetes Papier aus nachhaltiger Forstwirtschaft)

De nächste Parbréif N° 7/26 geet vum 21. Dezember 2026 bis den 7. Februar 2027

Impressum:
Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord"
61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

https://cathol.lu/aischdall-helpert

Der Herr ist die Zuflucht des Armen

(nach Psalm 14,6)



Foto: Pixabay

Léif Leit aus der Par Äischdall-Helpert,

Virun e puer Deeg sinn ech am Internet op dëse Psalmvers 14,6 gestouss. En huet mech beréiert a net lassgelooss. Grad am Mount November wou vill Mënschen sech mat Trauer, Elengsinn ausenanersetzen, bedeit et iwwert eis Haltung zur Aarmut an de Kreesch, den Appell vun esou ville Mënschen nozedenken. Mënschlech Aarmut , déi esou vill Facetten huet, Situatiounen deene mir eis am Alldag net verschléisse sollten.

De **15. November 2026** ass den **internationalen Dag vun der Aarmut**. Wéi eng Aarte vun Aarmut bemierken an erkenne mir an eisem Alldag, a wat bedeit de generelle Begrëff « Aarmut » eigentlech? Wou fannen d'Mënschen Zouflucht virun der Aarmut vum Leed, vun der Einsamkeet, vun der Ausgrenzung an all déi verletzten Häerzer?

Virop op déi lauschteren, déi am Numm vun engem falsche Gerechtegkeetssënn leiden an ënnerdréckt ginn. Wéinst dëser eenzegaarteger Erfarung, jo op vill Manéieren onschëlleg a bal onméiglech a Wierder ze faassen , spiert een Dag fir Dag a Begleedungen de Wonsch, se mat aneren ze deelen, virun allem mat

deenen, déi sech ofgeleent a marginaliséiert fillen. Well kee soll sech vun der Léift vum Härgott ausgeschloss fillen, besonnesch an enger Welt, déi dacks just de Räichtum als héchsten Zil gesäit a sech virun de Realitéite vum Alldag verschléisst.

« Kreesch an Appell », d'Realitéit vun der Aarmut ass net nëmmen e Wuert, mee se gëtt zu engem Kreesch an eisem Alldag! Wat dréckt dëse Kreesch an Appell vun deenen Aarmen aus, wann net hiert Leed, hier Trauer, hier Einsamkeet, hir Enttäuschung an hir Hoffnung ? Mir kéinten eis froen: Wéi kënnt et, datt dëse Kreesch eis Oueren net erreecht? Si mir Mënschen net munchmol indifferent an ze kamoud ze handelen? Mir sinn all Dag opgeruff zu enger eeschter Gewëssenserfuerschung, - Reflexioun, fir ze bestëmmen, ob mir wierklech fäeg sinn, den Aarmen an der Aarmut vun eiser Zäit e Gehéier ze schenken, jo fäeg ze sinn nozelauschteren an eiser pastoraler Missioun als Chrëschten, als Gedeeften.

Wat mir brauchen, fir hir Stëmm ze erkennen, ass d'Stëllt, déi duerch Nolauschteren an Demut entsteet. Wa mir selwer ze vill schwätzen, kënne mir hinnen net nolauschteren. Ech hu wierklech Angscht, datt vill Initiativen, och déi, déi luewenswäert a néideg sinn, dacks méi dorobber ausgeriicht sinn, eis selwer zefridden ze stellen, wéi wierklech de Ruff, den Appell, de Kreesch ze héieren. Heiansdo sinn d'Leit esou vun der alldeeglecher Mentalitéit gefaangen, déi si souzesoen zwéngt, sech selwer am Spigel ze kucke wéi sech ëm d'Mënsche ronderëm si ze këmmeren, a gleewen, datt e Geste vu Selbstlosegkeet duer geet, fir dës Mënschen e Stéck zefridden ze stellen, ouni datt se selwer direkt aktiv ginn, Hand mat upaken oder matzemaachen.

En zweeten Aspekt ass eis Reaktioun, dat heescht, d'Realitéit vun der Aarmut matdeelen. Dës Äntwert soll en Appell sinn, geziilt ze handelen, dëst natierlech ënnerhalb vum Kader vum Mënschlechen. Wat déi Aarm an hirer Aarmut brauchen, ass net einfach eppes un anerer weiderzeginn, mä dat perséinlecht Engagement vun deenen, déi hire Ruff, hiren Appell a Kreesch héieren.

En drëtt Verb, dat dës Haltung ausdréckt, ass « befreien » ; déi Aarm liewen an der Gewëssheet, datt zu hire Gonschte Mënschen sech fir hir Würd an hiert Wuelbefannen asetzen an engagéieren. Aarmut gëtt net gesicht, mee si gëtt verursaacht duerch Egoismus, Arroganz, Gier an Ongerechtegkeet! Dës Iwwel ass sou al wéi d'Mënschheet selwer, awer si beaflossen nach ëmmer esou vill onschëlleg Persounen a féieren zu dramatesch sozialen Konsequenzen. Eng befreiend Aktioun gëtt zu enger Quell vun Erléisung fir déi Betraffe, déi hirer Trauer a hirer Angscht eng Stëmm ginn. Awer de Manktem u grondleeënden Existenziellen, d'Exklusioun, där een ausgesat ass, verschidde Forme vu sozialer Verstréckung an dat trotz dem Fortschrëtt, deen d'Mënschheet mat vill Asaz an Engagementer erreecht huet…

Eist Verständnes richt de Bléck am Versteesdemech, an dat am Wuert vun der Hoffnung. Dacks sinn et déi Aarm selwer – an d'sozial Forme vun der Aarmut an eiser Zäit déi eis Gläichgültegkeet erausfuerderen, déi d'Resultat vun engem Liewen ass, dat ze immanent an un d'Géigewaart vum Liewen verbonnen ass.

De Ruff vun de Aarmen, de Kreesch vun der Aarmut, ass sécher och haut e Ruff vun der Hoffnung, deen d'Sécherheet ausdréckt, befreit ze ginn. Déi Hoffnung, déi hir Erfëllung an der Léift , an aus der Léift vum Härgott fënnt. Si enttäuscht keen, deen sech der oppener, éierlecher Opmierksamkeet vu senge Matmënschen uvertraut. Nolauschteren, eng Hand reechen, Hëllef ubidden , eng Haltung a Wieder déi Courage maachen – schenkt duerch hier Opmierksamkeet e Bléck zum Liewen, erméiglecht nees Wierker vun Nächsteléift. Sou schenkt si deene Mënschen Hoffnung a Kraaft, sécher op hirem Wee weiderzegoen.

„Was du den Armen zur Tür hinausgibst, das bringen die Engel wieder zum Fenster herein“ Autor unbekannt.

Abbé Patrick Schmit
stännegen Diakon

Gottesdéngschtuerdnung

fir d'Wochen vum 21. September bis den 1. November 2026

Allerhellgen A

Sonndeg, 01.11.26

09:00 **Bëschdref:** Festmass als 6. Wochemass fir Aline Lux-Redlinger, fir Joseph, John a Gast Lux a fir Marcel Pepin / fir Anne Bâlon-Lambert a fir Frédéric Bâlon.
Uschléissend: **Griewerseenen.**

10:30 **Biissen:** Houmass op Meenung fir d'Par / 1. Joermass fir Josephine Van der Weken-Nols / fir Gusty a Marechen Adam-Winandy / fir d'Verstuerwen vun der Famill Ledesch.
Uschléissend: **Griewerseenen.**

14:30 **Äischen:** Festmass fir Marthe an Ed Smiechowski-Schlim an Elteren a fir Suzanne-Schlim / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Stalter-Schmit.
Uschléissend: **Griewerseenen.**

16:00 **Habscht: Griewerseenen.**

Kollekt fir déi sozial Wierker vun eiser Äerzdiözees!



Allerséilen

Méindeg, 02.11.26

10:30 **Simmer:** Mass fir Albert Noesen.
Uschléissend: **Griewerseenen** um alen an um neie Kierfecht.

14:30 **Sëll:** Wuertgottesdéngscht.
Uschléissend: **Griewerseenen.**

16:00 **Kaalmes: Griewerseenen.**

18:00 **Téinten:** Rousekranzgebiet fir all Verstuerwen.

18:30 **Téinten:** Mass fir all Verstuerwen aus der Par, aus eise Familljen an aus eise Frëndes- a Bekanntekreeser / Stëftung fir d'Uleies vun éiwege Stëftungen.

Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!



Dënschdeg, 03.11.26 **Hl. Hubertus, + 727**
Patréiner vun der Uertschaft Sëll

10:30 **Äischen/Altersheem:** Mass op Meenung (M97).

Mëttwoch, 04.11.26 Hl. Karl Borromäus, + 1584
Kee Gottesdéngscht an eiser Par.

Donneschdeg, 05.11.26
10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass fir Camille Baum-Johanns.
18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir all Verstuerwen.

Freideg, 06.11.26 (Hl. Leonhard, + 6. Jht)
Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)

09:00 **Bruch:** Laudes & Mass zur Éier vum allerhellegsten Häerz-Jesu, als Stëftung zur Éier vum hellege Willibrord, fir d'Famill, d'Frënn an d'Wohltäter vum Stëfter. Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).



Heiliger Willibrord, Lehrmeister des wahren Glaubens, besonderer Schutzpatron,
Dein Grab in unserer Mitte wird aufgesucht von Gross und Klein.
Um Dein Gebet bitten wir für Gesunde und Kranke.
Wir danken Dir für Deine Hilfe. Wir versprechen Dir, dein Werk in Erinnerung zu behalten.
Dir trauen wir an, was uns lieb und eigen ist: unsere Kinder und Jugendliche, die Erwachsenen und die älteren Menschen.
Geh Du mit uns auf dem Weg durch das Leben.
Hilf uns beten und arbeiten.
Lehre uns glauben und hoffen.
Erhalte uns die Liebe und den Frieden, und führe uns zu Gott.
Amen.

32. Sonndeg am Joreskrees A
Äussert Patronatsfest vun eiser Par

Samschdeg, 07.11.26 **Héichfest vum hellege Willibrord, + 739**
Haaptpatréiner vun eiser Par
Zweete Landespatréiner

18:00 **Biissen:** Virowend- a Festmass zur Éier vum hellege Willibrord, als 6. Wochemass fir Jean-Pierre Straus / 22. Joermass fir Sascha Weber / fir all liewend a verstuerwe Memberen vun der AGEP.

Sonndeg, 08.11.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass zur Éier vum hellege Willibrord, fir d'Verstuerwen vun der Famill Neu-Reiland.

10:30 **Bruch:** Houmass zur Éier vum hellege Willibrord, op Meenung fir d'Par / 3. Joermass fir Jean Wester.

11:45 **Bruch:** Kanner- & Familljemass zur Éier vum hellege Willibrord, fir Abbé Goerges Hoffmann.

Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!

Heiliger Willibrord, Lehrmeister des wahren Glaubens, besonderer Schutzpatron,
Dein Grab in unserer Mitte wird aufgesucht von Gross und Klein.
Um Dein Gebet bitten wir für Gesunde und Kranke.
Wir danken Dir für Deine Hilfe. Wir versprechen Dir, dein Werk in Erinnerung zu behalten.
Dir trauen wir an, was uns lieb und eigen ist: unsere Kinder und Jugendliche, die Erwachsenen und die älteren Menschen.
Geh Du mit uns auf dem Weg durch das Leben.
Hilf uns beten und arbeiten.
Lehre uns glauben und hoffen.
Erhalte uns die Liebe und den Frieden, und führe uns zu Gott.
Amen.

Méindeg, 09.11.26 **Fest vun der Kierchwei vun der päpstlecher Lateranbasilika Kathedral vu Roum**

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M98).



D'Kathedra vum Bëschof vu Roum (Foto : J. Santer)

Dënschdeg,10.11.26 Hl. Poopst Leo de roussen, + 461

10:30 **Äischen/Altersheem:** Wuertgottesdéngscht.

15:00 **Iechternach:** Rousekranzgebiet & Beichtgeleeënheet.

15:30 **Iechternach:** Pilgermass um Graw vum hellege Willibrord, op Meenung fir d'Pilger aus dem Dekanat „Zentrum".

Mëttwoch, 11.11.26 **Hl. Martin vun Tours, + 397**

Haaptpatréiner vun der Kierch vu Simmer

Kee Gottesdéngscht an eiser Par.

Donneschdeg, 12.11.26 Hl. Josaphat vu Polozk, + 1623

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass als Stëftung fir Jean-Pierre Disiviscour.

Freideg, 13.11.26

09:00 **Bruch:** Laudes & Mass fir Abbé Bert Deischter.
Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 14.11.26

10:30 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (Cate-1).

33. Sonndeg am Joreskrees A

Äussert Kierchweifest vun der Parkierch vu Bruch (Kiermes)

Samschdeg, 14.11.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Elise Jaeger-Koel / Stëftung fir Jean-Pierre a Catherine Schmitgen-Biver.

Sonndeg, 15.11.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass zur Éier vun der helleger Cäcilia, fir all liewend a verstuerwe Memberen vum Gesank an der Harmonie / fir Theo Weidig (bestallt vum Gesank) / op Meenung (D).

10:30 **Bruch:** Houmass als feierlech **Kiermesmass** op Meenung fir d'Par / fir all liewend a verstuerwen Awunner vu Bruch a vum Opent-Halt / fir Jean Milmeister / fir d'Verstuerwen vun der Famill Rieff-Gieres, fir Agnes Steil an Erny Rieff, fir d'Verstuerwen vun der Famill Strasser-Marx.

11;45 **Bruch:** Kanner- & Familljemass als **Kiermesmass** fir Abbé Alphonse Molitor.

Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par.

Ehrfurcht gebietend ist dieser Ort!
Hier ist das Haus Gottes,
die Pforte des Himmels;
genannt wird er Palast Gottes.

(Ufanksvers vun der Mass zum Joresdag vun der Kierchwei)

Méindeg, 16.11.26 (Hl. Margareta vu Schottland, + 1093)
09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M99).

Dënschdeg, 17.11.26
10:30 **Äischen/Altersheem:** Mass op Meenung (M100).

Mëttwoch, 18.11.26 (Kierchweifest vun de päpstlechen Äerzbasilien St. Péiter am Vatikan & St. Paulus virun de Maueren zu Roum)
Kee Gottesdéngscht an eiser Par.

Donneschdeg, 19.11.26 Hl. Elisabeth vun Thüringen, + 1231
10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass als Stëftung fir Marguerite Weis.
18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir all Verstuerwen.

Freideg, 20.11.26
09:00 **Bruch:** Laudes & Mass als Stëftung fir arem Séilen a fir d'Verstuerwen aus der Famill vum Stëfter.
Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 21.11.26
09:00 **Bruch/Parzenter:** Kommiounskatechees (Cate-Ko).

An alle Massen vum Weekend vum 21./22. November verkeeft

OTM Haïti

– wéi all Joers – Käerzen fir déi Ärmst an Haïti, deem ärmste Land vun dëser Welt.
Dat klengste Liicht kann hëllefen,
de Mënschen dohannen Liicht ze schenken.

34. (leschte) Sonndeg am Joreskrees A
Hélchfest vu Christus, dem Kinnek

Samschdeg, 21.11.26
18:00 **Biissen:** Virowendmass zur Éier vun der helleger Cäcilia, fir all liewend a verstuerwe Memberen vum Gesank an der Musek.

Sonndeg, 22.11.26
09:00 **Simmer:** Gemeinschaftsmass zur Éier vun der helleger Cäcilia, fir all liewend a verstuerwe Memberen vum Gesank.
10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / zur Éier vun der helleger Cäcilia, fir all liewend a verstuerwe Memberen vun de Gesäng a Museken / fir Fränz Kohl.
11:45 **Bruch:** Kanner- & Familljemass fir Abbé Joseph Reuter.

Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par.

Merci

- **Alle Sängerinnen a Sänger aus de Chorallen, mat hieren Dirigenten.**
- **Allen Organisten, déi eis d'Luef vum Härgott op der Uergel spillen.**
- **All deenen, déi an eise Gottesdéngschter matsangen an domatter méi lieweg maachen.**
- **Merci all deenen, déi sech an den Déngscht vu Musek a Gesang stellen. Si maachen eist Liewen méi räich!**

Méindeg, 23.11.26 (Hl. Poopst Klemens I., + 101 &
Hl. Kolumban, + 615)
09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M101).

Dënschdeg, 24.11.26 Hl. Andreas Dung-Lac & Gefährten, + 17. – 19. Jht
10:30 **Äischen/Altersheem:** Wuertgottesdéngscht.

Mëttwoch, 25.11.26 Hl. Katharina vun Alexandrien, + 4. Jht
Niewepatréinesch vun der Kierch vu Bëschdref
Kee Gottesdéngscht an eiser Par.

Donneschdeg, 26.11.26 (Hll. Konrad 6 Gebhard, + 10. Jht)
10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass fir Marlène Neis-Weides.
18:00 **Sëll:** Rousekranzgebiet fir all Verstuerwen.
18:30 **Sëll:** Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Ries an Didier (Ka).

Freideg, 27.11.26
19:00 **Äischen:** Mass – mat der Äischener Harmonie - zur Éier vun der helleer Bärbel, fir all lieweg a verstuerwe Pompjeeën aus der Gemeng Habscht.

Samschdeg, 28.11.26
10:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (Cate-Bambini).
10:30 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (Cate-1).
16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet / Confessions (bis 17:00 Auer)

Ufank vum neie Kierchejoer B

1. Sonndeg am Advent B

Samschdeg, 28.11.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 1. Joermass fir Yvonne Wengler-Damoiseaux / 2. Joermass fir Marie-Anne Bock-Damoiseaux / fir Gertrud aNikolaus Haas-Biewe a fir Marie-Josée Welter-Schroeder.



Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

Sonndeg, 29.11.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (MS).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir d'Verstuerwen vun der Famill Wester-Losselong.

11:45 **Bruch:** Kanner- & Familljemass fir Abbé Carlo Morbach.

17:00 **Bruch:** Gesanglech Astëmmung an den Advent (Org. "Sänger-bond Bruch").

Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par.

Méindeg, 30.11.26 **Fest vum hellegen Apostel Andreas**
09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M102).

Dënschdeg, 01.12.26
10:30 **Äischen/Altersheem:** Mass op Meenung (M103).

Mëttwoch, 02.12.26 (Hl. Luzius, + 5. Jht)
Kee Gottesdéngscht an eiser Par

Donneschdeg, 03.12.26 Hl. Franz Xaver, + 1552
10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass fir Marlène Neis-Weides.
18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.
18:30 **Bëschdref:** Mass fir Felix a Josephine Kugener.

Freideg, 04.12.26 Hl. Barbara, + 306
Niewepatréinesch vun der Kierch vu Bëschdref
Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)
09:00 **Bruch:** Laudes & Mass zur Éier vum allerhellegsten Häerz-Jesu, fir d'Verstuerwen vun der Famill Santer-Liefgen a fir Abbé Paul Emeringer.

Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).
18:30 **Wolwen:** Mass zur Éier vun der helleger Bärbel (Org. „Frënn vun der Lee Uewermaartel a.s.b.l).

Samschdeg, 05.12.26 (Hl. Anno, + 1075)
09:00 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (Cate-2).
09:00 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (Cate-3).
16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet/Confessions (bis 17:00 Auer).

2. Sonndeg am Advent B

Samschdeg, 05.12.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir d'Verstuerwen fvun der Famill Thillmany.



Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

Sonndeg, 06.12.26

Hl. Bëschof Niklos vu Myra, + ëm 350)
Haaptpatréiner vun der Kierch vun Habscht
Niewepatréiner vun der Kierch vu Bëschdref

09:00 **Habscht:** Festmass zur Éier vum hellege Niklos, op Meenung (M103).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Kanner- & Familljemass zur Éier vum hellege Niklos, op Meenung (M104).

Kollekt fir „Adveniat" – Solidaritéit mat de Kierchen a Latäinamerika!

Méindeg, 07.12.26 Hl. Ambrosius, + 397

09:00 **Téinten:** Mass als Stëftung fir Camille a Marguerite Fischbach-Huberty a Kanner.

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedung.

Dënschdeg, 08.12.26 **Héichfest vun der Gottesmamm Maria, Ouni Ierfsënd empfaangen (Immaculata)**

10:30 **Äischen/Altersheem:** Festmass op Meenung (M105).

18;00 **Bruch:** Rousekranzgebiet fir de Fridden an der Welt.

18:30 **Bruch:** Vesper & Festmass op Meenung (M106).



Foto: Aloyse Schumacher / intranet.cathol.lu

Mëttwoch 09.12.26 (Hl. Johannes Didacus, + 1548)

Kee Gottesdéngscht an eiser Par.

Donneschdeg, 10.12.26 (Muttergottes vu Loreto)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M107).

Freideg, 11.12.26 (Hl. Poopst Damasus I., + 384)

09:00 **Bruch:** Laudes & Mass op Meenung (M108).

Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 12.12.26

09:00 **Bruch/Parzenter:** Kommiounskatechees (Cate-Ko).

10:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (Cate-Bambini).

10:30 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (Cate-1).

16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet/Confessions (bis 17:00 Auer).

3. Sonndeg am Advent B

Samschdeg, 12.12.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Norbert Deltgen / fir Loreta Viviana Rodrigues.



Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

Sonndeg, 13.12.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass fir d'Verstuerwen vun de Familljen Sinnes-Larbière a Margot Sinnes.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / 2. Joermass fir eise fréiere Paschtouer Charles Guill.

11:45 **Bruch:** Kanner- & Familljemass op Meenung (M109).

Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!

Méindeg, 14.12.26 Hl. Johannes vum Kräiz, + 1591
09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M110).

Dënschdeg, 15.12.26
10:30 **Äischen/Altersheem:** Mass op Meenung (M111).

Mëttwoch, 16.12.26
Kee Gottesdéngscht an eiser Par.

Donneschdeg, 17.12.26 **Yolanda vu Veianen, + 1283**
Zweet Patréinesch vun eiser Par
10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass zur Éier vun der Yolanda, op Meenung (M112).



Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

Freideg, 18.12.26 7. Dag viru Chrëschtdag
09:00 **Bruch:** Laudes & Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Santer, Kerg, Liefgen an Habscheid.
Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 19.12.26 6. Dag viru Chrëschtdag
16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet / Confessions (bis 17:00 Auer).

4. Sonndeg am Advent B

Samschdeg, 19.12.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 8. Joermass fir Albertine Straus-Geisen, fir Jean-Pierre Straus, fir d'Verstuerwen vun de Familljen Geisen-Decker, Straus-Houdremont a fir Alfred an Henriette Bertemes-Thilmany.



Foto: Christophe Hubert / intranet.cathol.lu

Sonndeg, 20.12.26 5. Dag viru Chrëschtdag

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M113).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir d'Verstuerwen vun der Famill Mans-Hoeger.

Missiounskollekt fir d'Aufgaben vum Poopst am Déngscht vun der Weltkierch!

Aus eiser Par…

Aus eisen Dierfer:

Bruch: Eise Bricher Sängerbond invitéiert um éishten Adventssonndeg, den 29. November, um 17 Auer an d'Parkierch fir eng gesanglech Astëmmung an den Advent an enger gemittlcher Atmosphär. Häerzlech Invitatioun.

Krankebeicht / Krankekommioun / Krankesalbung:

Zu jidder Zäit kommen eis Geeschtlech gären bei Iech heem fir d'Krankebeicht, d'Krankekommioun oder d'Krankesalbung. Mellt Iech einfach am Parsekretariat un. Och an der Seniorenresidenz zu Biissen an am Altersheem zu Äischen geet de Paschtouer dënschdes oder donneschdes no der Mass bei Leit an d'Zëmmer, wann de Wonsch geäussert gëtt. Mellt Iech och duerfir am Parsekretariat oder an der Rezeptioun.

Massen op franséisch:

Als Suite vun der Pastoralvisitt vum Här Äerzbëschof huet de Pastoralrot aus eiser Par decidéiert, datt mer franséisch Massen ubidden fir eis frankophon Matchrëschten. Eis Gesellschaft wandelt sech, a mer hunn ëmmer méi Leit an eisem Land, déi franséischsproocheg sinn. Fir och dës Chrëschten ze erreechen an an eis Par anzebannen, proposéiere mer, eemol am Mount eis Massen op franséisch ze feieren, an zwar den drëtte Weekend am Mount. Sou wéi eis Massen op lëtzebuergesch/däitsch gefeiert ginn mat e bësse franséisch, wäerte mer deenen franséische Massen haaptsächlech déi franséisch Sprooch benotzen mat bëssen lëtzebuergesch/däitsch. Schéi wier et, wann eis frankophon Matchrëschten esou och eng Plaz an eiser Communautéit kréichen. Eis Par ka gestäerkt an d'Zukunft goën, wa mer d'Mënschen all, och mat anere Sproochen a Kulturen, mat an d'Boot huelen.

Massintentiounen:

An **alle** Kierchen a Kapellen kënnen och weiderhinn Masse gefeiert ginn, wann eng Ufro do ass a Leit dës Masse matfeieren. Et ass esou, datt ganz wéineg Massintentiounen bestallt sinn, also keng Demande do ass. Masse kann ee feieren fir Verstuerwener, fir déi Lieweg, awer och fir bestëmmten Uläss. Grad an deene Kierchen, wou keng Sonndesmassen méi gefeiert ginn, kënne vu méindes bis samschdes Masse gefeiert ginn (och samschdes owes no der Biisser Mass), **wann eng Demande do ass** (bestallte Massintentiounen) **a Leit, déi sech ëm d'Kierchen a Kapelle këmmeren**, esou datt och würdeg Gottesdéngschter kënnen ofgehaale ginn.

Och fir d'Massen an eisen Altersstrukturen kënne Massintentioune bestallt ginn, entweeder bei eise Geeschtlechen, wa se am Haus sinn, oder am Parsekretariat.

Ubiedung vum allerhellegsten Sakrament:

An eiser Kierch zu Téinten hu mer an der Sakramentskapell een Tabernakel, wou een d'Dir opmaache kann, fir Jesus Christus am allerhellegsten Altoersakrament kënnen unzebieden. D'Kierch ass all Dag vun 8 bis 19 Auer op fir dat perséinlecht Gebiet.



Foto: Marc Urhausen / intranet.cathol.lu


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu

SOPINOR CONSTRUCTIONS SA

Art et Pavés - Groupe SOPINOR

SOPI THERME
CHAUFFAGE / SANITAIRE / VENTILATION

SOPI FAÇADES
FAÇADES / PARACHÈVEMENT

Conception et maîtrise de votre projet, construction et rénovation, clefs en main!

L'entreprise SOPICONCEPT SA, entreprise luxembourgeoise, dynamique qui tient sa force de sa pluri discipline dans les différents travaux qu'elle a à sa charge.

Depuis la création de l'entreprise en 2015, nous collaborons sur des travaux d'envergure et de typologies diverses alliant le savoir-faire interne au groupe SOPINOR, et de toutes les sociétés du groupe avec qui nous maîtrisons 70 % des travaux en interne.

Ensemble, au travers d'un parc matériel important (camions, camionnettes, chargeur etc…), de la présence de près de 500 collaborateurs riches en expériences allant du terrassement aux finitions et aux divers travaux de gros œuvres

SOPI CONCEPT

CONSTRUCTION / RENOVATION

info@sopiconcept.lu / Tel: +352 26.57.80-1

70 , Z.I. Um Monkeler L-4149 Schifflange

www.sopiconcept.lu

HG

Depuis 30 ans déjà !

Hélène Grober

Agence immobilière s.à r.l.

www.immo-grober.lu - Tél.: 40 97 90

ACHAT - VENTE - LOCATION - PROMOTION - CONSTRUCTION

NOUVELLES CONSTRUCTIONS A MOESTROFF ET EISCHEN



MOESTROFF - Rue de l'église, reste 2 maisons en vente



EISCHEN – Rue Bourg, reste 1 appartement

Mir sichen och Terrain'en, Appartementer an Haiser (al oder rezent) fir direkt ze kafen. Ouni Käschte fir de Verkeefer.

Tél.: 40 97 90

Autres projets en vente ou à venir* :
BELVAUX (6 maisons) – EISCHEN* (Appartements)
LEUDELANGE* (2 maisons) – HAGEN* (2 maisons)

... et beaucoup d'autres objets en vente ou en location à découvrir sur www.immo-grober.lu

SERVICE RAPIDE ET SOIGNE | DEPUIS 1992 ANS A L'ECOUTE DU CLIENT



Wagner

pompes funèbres

Tél : 32 92 27 (24/24)

- Grande et nouvelle exposition permanente de cercueils et d'urnes en toutes catégories de prix
- Mise en bière des défunts en toute dignité et en respect de la famille et des alliés
- Réalisation de toutes démarches et formalités administratives et techniques
- Transports nationaux et internationaux
- Incinération sans adhérence à une société
- Fleurs et accessoires

45, rue Principale
L-7595 Reckange/Mersch
pfwagner@pt.lu

Au service des défunts et de leurs familles en deuil

24/24 heures pendant toute l'année